LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 17 juillet 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
18 JUIL. 2019

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire N°798 du 18 juin 2019 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen, concernant le système de contrôle et de sanctions automatisés, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics
Ministre de la Sécurité intérieure

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a Minister fir bannenzeg Sécherheet, op déi parlamentaresch Fro n° 798 vum 18. Juni 2019 vum honorablen Deputéierte Marc Goergen

A senger parlamentarescher Ufro géif den Här Deputéierte Marc Goergen sech gär iwwert d'Miessdonnéeë vun de fixe Radaren informéieren.

Déi automatesch Radaren, déi am Kader vum „Système de contrôle et de sanction automatisés (CSA)" installéiert gi sinn, späichere keng "Rohmessdaten" of.

Aktuell gëtt et gesetzlech nach keng aner Méiglechkeet wéi d'Foto, déi bei der Infraktioun geholl gëtt, zu Bartreng am Büro vum CSA, ënnert der Opsicht vun der groussherzoglecher Police, ze consultéieren. Et kéint een driwwer nodenke fir op MyGuichet zréckzegräifen, allerdéngs muss als éischt iwwerpréift ginn inwiefern déi Optioun mat der aktueller Gesetzgebung iwwert den Dateschutz kompatibel ass. An esou enger Prozedur missten d'Fotoen nämlech als éischt vun der Police beaarbecht gi fir sécherzestellen datt keng aner Gefierer oder Persounen erkennbar sinn, éier d'Foto kéint iwwer MyGuichet disponibel gemaach ginn. Et ass och ze bedenken datt d'Majoritéit vun den Auslänner net vun där Optioun kéinte profitéiere well se keng authentifizéiert Demande via MyGuichet kënne maachen.

Fir eng Ofännerung vun dëser Prozedur misst d'Gesetz geännert ginn. Déi technesch wéi och praktesch Problemer déi ze léisen wieren, kéinten an engem speziellen Aarbechtsgrupp gekläert ginn.